DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gaul eiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

So' secher we' ons Bierger wénken
Könnt d'Freihêtssonn èn Dag ons blénken

N° 41 — 9ten Juli 1943

C. W. O. II BG 152 C. G. M.

----- Vun der russicher Front -----
( Fortsetz.)

---

Wé der auss mengen leschte Brief gesinn huet, sin eng ganz Aberzuol deitsch zaldotenmat eis Lötzeburger in punkto Moral an allgemenger Krichsobfaassung komplett averstaan. Fir eis handelt et sech nömmen em dé frô; Weikomme mer eriwer bei t'Russen, ouni de Lepp derbei ze verbrennen. Et wâr elô zwuo Wochen un eiser front ro'eg wé op engem Kirfech, me de leschte Möttwoch gung t'Kanonade eröm un wie wann t'Hell lass geloss wir. t'Russen hun nuots eis Positionen gestirmt, a meng drêi deitsch frönn an e gude Lötzeburger Kamerod mir ware wölles e weisst Handduch ze schwenken, fir dat t'Russen ëis solle mat der Mitrailleuse verschuont lossen. Ech soen der elo meng liew Mamm, arwaar ewell s'oss krist de döse Brief net mé durch t'feldpost, Mér sin ganz bestömmt op der secherer sêit an vun elo un bro'chs de dir keng Gedanken mé ze mân wènt

dengem treie
Jamper. (ech schreiwen ewell op lötzeburgesch d. verstinn se net grad alles)

---

Lötzeburger: t'Freiheets snn scheint geschwönn.

---

Et gét auss alle Virberédungen am Möttelmier, a Syrien, a Russland an net firt t'lèscht an England kloer herfier, dat et bâl lass gét. Dé gruossen, de richtigen, an hoffentlech de leschte Blitzkrich. Lötzeburger Waart t'Signal of êer der éppes ennerhuolt. Dir kritt nach zu der richtiger Zeit Instruktiuonen wât alles muss gemâcht gin, fir t'Preisen niderzekrëien.

Losst virläfech t'Verräter vum Land nach a Rûoh, hir Stonn könnt spêider, eso gur wann se sech an't Dappland ver kriëchen.
Durch T'Okkupatiuon vun Deitschland durch d'Alliêert krëie mir se, déi knaschtech Honn, mat der Höllef vu gewössen dêitschen Organisatiuonen sëher eröm eraus. An da gi se hei gohém gericht a bestroft.
Si mussen alle guorten dru glëiwen, déi Deck an de Kleng,
----- et werdt ké Pardon gin. -------

---

Opgepasst;;;;; Elo gölt et.

---

Vun haut un hëischt et de Londoner Radio Lötzeburg gené ze lauschteren am beschten un de klenge Wellen zwöschen 4I an 49 meter,
muörgens, öm 8,45.

---

Mir sinn optimistesch!

Während ons preisesch t'Zeitongen Meldungen auss Tokio bruôcht hun dat elo geschwönn eng gruôss Offensive gént Australien ggng lass goen, hun t'Australier an t'Amerikaner u verschiddene Ponkten vun de südpazifischen Inselen gruôss stylech Landongen des déch gemât an t'Japanesch Flott fir dér och en neie schwéiere Coup ze ve r setzen. Also do hannen gét et och net schlecht;
T'Pre isen hu gutt ömmer nach mêi jong Leit bei ons fir t'Armêi anzeberufen, an nach ömmer mêi Lötzeburger Familien ze deportéieren-eso trist dat jo fir ons all ass- mé dat alles notzt se nëischt mëi...
Si pëifen um léschte Lach a wann t'Bombardementer nach e pûr Wochen esoû w e idergin, da gi se zeidech fir den zesummefall. Den Här Churchill huôt a senger léschter Réid deklaréiert dat t'Alliéert,,on the eave of automn" dat héscht kurz virum Hiérscht"(an net wé t'Zeitongen geschriwen hun" wann t'Hiérscht t'- "Bläder falen") u verschiddene Ponkten géngen attakeieren Wa mir och wéit vum Schoss sin, fir död gruôss Operatiônen ,as et dach gutt wa mir Lötzeburger eng ganz schwéier Zeit firauss ze préparéieren , indem giffferénsech dohém mat Provisiouñen versitt, fir de FALL dât t'Preisen de Belagerongszuôstand erklären.
Sitt alle guôrten op érer Uôcht dât der könnt uos fir e pur Wochen dohém genuch Eéswuôren hutt, dé sech hâlen, an dât der könnt uôshâlen bis de Moment wô der Erléisong do ass.
Den Churchill wärt de Preisen och dén Datum vum Hiérschtbegönn onet wöllehoorgenéi uginn hunn, et ka filléicht fill frëer lass gon. Also Courage alle Guôrten, t'Stonn könnt nach t'döt Jo-er wuôde de Preiss vun onsem Horizont verschwönnt.

---

Adaption vum " Feierwon" fir 1943;:

De Feierwon, den ass berêt
De Preiss muss fort, dét ons net lêd
Schons lang genuch hu mir der Preisen
Mir könne stolz de Nôper weisen
Dat mir nun och de Mut hu font
Ze falen fir onst hélegt Land.

Refrain Macht Iech fort dir well a stenkeg Preisen
Mir wellen iech et klor beweisen
Mir welle bleiwe wât mir sin
Mir welle jo keng Preise gin.

Mir hâle fest un onser Scholl
Vun onsem Land krit dir kén Zoll
Wa mir och keng Millionen zielen
Mir hâ'n doch drân mat onsen Hälen
A schloen all, iech eng op t'Kopp
Dat dir fir e'weg sit kapott.

Esofill ass , jo och gewess,
Den Hitler krit, eng op seng Schness
Mat Fielzen wé gewlteg Riesen
Mir dreiwen iech auss Gart a Wiesen
Bis fort n ur ass, de leschte Preiss
A proper get onst Land wéneis.

An huet dir dann, de Wiert erkannt
Vum klonge Lötzeburger Land
De soll iech lauter E'rger ploen
Dir könnt dann och bei iech jo soen
T'ass Force net grat, dé t'Recht bedeit
Well an dem Land sin e'rlech Leit

---

Mei Land ass mei Lewen ----- Meng Le'ft ass mei Land
Mei Land ass mein Denken --- Mein Dram, mei Gebet
an all mein Denken t'ass fier d' Lötzeburger Land

=====================================

| | |
|---|---|
| DIMMER Edmond | Fels |
| COLBETT Bernard | " |
| JACOBY Guillaume | Kreuznach |
| POMMES PAUL | Fels |
| SWIENTCHE STanislas | Fels |
| BERTEMES Jean | Böxhorn |
| HOFFMANN Pierre | Asselborn |
| LEIDER THEODORE | Weicherdingen |
| REUTER Nicolas | Wiltz |
| SCHOETTERT Auguste | Wiltz |
| WEBER J.P. | Wiltz |
| SCHMIT Nicolas | Bögen |
| LAMBERTY | BOgen |
| THINNES Ernestine | BOgen |
| SCHMIT SCHMITZ | Bögen |
| HOFFMANN Fr. | Diekirch |
| AUST Mathias | Bettel |
| FALTZ PIERRE | Gilsdorf |
| FLESCH Alfonse | Vianden |
| HERMES Joseph | Bastendorf |
| LARY Mathias | Diekirch |
| THILL Nicolas | Stolzembourg |
| SCHLEICH Luc. | Oberfeulen |
| WEILER Nicolas | Vianden |
| GLEIS PH. | Michelau |
| JACOBY Valentin | Ettelbruck |
| ANGELSBERG | Niederfeulen |
| HEYMANS Emile | Ell |
| HEYMANS Michel | Grosbous |
| LINDEN AL. | Grosbous |

---

Fir d'Leit aus de Verénechten Natio'nen, de'frei vum Nazijoch lieven,gin d'Lötzeburger dât nôbelt Beispill vun engem Vollek dat onzwedeitlecg den Do'ud der Sklawerei firzé't."

---

dem Hitler sei geschenck.

wé d'Prinzessin vu Piemont e Kand kret,frot den Hitler de Mussolini, ""o Benito, ech sin am léd,ewell ech net wés wâtech der Prinzessin schenke sol", dat ass ganz einfach" entwert de Mussolini;gef eng Wekel" dat ass nawell e gudden idée, ech lossen d'Wappen vun Italien [illegible] [illegible] vun Piemont drop b'rode'ren;nén Adolf sot du de Mussolini d'Hâkekreiz passt besser drop, et ass jo dach fier drop ze sch...??..ssen

==========

------- BRE'FKÖSCHT-------

( vu Geld ass agangen )

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| D'Joffer Marie-Madeleine | 100 | Fr. | Vum Mätti | 300 | Fr. |
| Nie Preiss | 10 | Fr. | Anonyme | 300 | fr. |
| Rôde L'ew wâch a lach | 40 | Fr. | Anonyme | 500 | Fr. |
| Mir hâle fest | 50 | Fr. | Anonyme | 1000 | Fr. |
| Un Ami Belge | 50 | Fr. | Anonyme | 1000 | Fr. |
| En echte Lötzeburger | 200 | Fr. | Anonyme | 1000 | Fr. |

Villmols merci

==========

Lötzeburger,macht éer pflicht an hâlleft dem Freie Lötzeburger.

---

D'Beispill vu Lötzeburg beweisst dat de'klengst vun europäeschen Natio'nen berét ass, d'Rachsucht vun der preisecher Macht erauszefürderen e'schter we' hir Nationâlégenart opzegin, D'Lötzeburger Leit sin auss ~~engem~~ aneren Holtz geschnëtzt we'den Hitler sech erwärt hôt.
d'Brutalite't vun den Nazien de'zu Lötzeburg oni Glé'ch ass de gré'sste Kapitel vun der Lötzeburger Geschicht dien jé geschriewen ass gin.
d'Haltong vun dénen tokkechen Lötzeburger huet Rôserei vun den Nazien op d'spëtz gedriewen.
De Gé'scht vun dém klenge Grand Duché gët iwerall vun den allie'erten Länner bewonnert.

---

----- UMSIEDLUNG -----

Hei ass D'Löscht vun etlechen Déporte'erten, Löscht vun Dag zu Dag mé lang sie ass net an eé leschten Numeröen erschienen, wént iverfloss vun Nouvellen

---

| | |
|---|---|
| BOURG Damien ------ | Weicherdingen |
| GENGLER ~~Nicolas~~ Hubert | Wiltz |
| FELLENS Nicolas | Wilwerdingen |
| GOTTAL Michel | Kautenbach |
| HEINEN Nicolas | REdange |
| HUQUET Maria | Rumelingen |
| JADOCY Georges | Beiler |
| KOENER Josefa | Rumelingen |
| KOENEN Margerite | Binsfeld |
| MEYERS Joseph | Hosingen |
| MULLER Camille | Diekirch |
| NEUMANN Joseph | Ulflingen |
| NOSBUSCH Pierre | Stolzembourg |
| REIFFERS Jean | Rumelingen |
| SCHARTZ Nicolas | Dahl |
| SCHON Nicolas | Wintger |
| SPRANCK Pierre | Michelau |
| STOOS Mathias | Ettelbruck |
| THILL Guillaume | Hoffelt |
| WEILAND J.P. | Diekirch |
| JADOCY Victor | Beiler |
| BECKER Alfonse | Luxembourg |
| BODE Armand | " |
| GOERGEN Joseph | " |
| GERARD Anne-Marie | " |
| HELLING Guillaume | " |
| KOHN Pierre | " |
| THORN Joseph | " |
| Welter Felix | " |
| GERARD Otto | " |
| CONRARDY Bernard | " |
| DELAHAYE Bernard | " |
| FRANCK Georges | " |
| GUBER Mathias | " |
| JANSEN Felix | " |
| JEITZ Georges | " |
| NEY Catherine | " |
| RAUSCH Marcel | " |
| SCHMID Theodore | " |
| Dr. SCHROELL | " |
| WEYLAND J.B. | " |
| HILGER Armand | " |
| FLAMANG Albert | Mersch |
| CONRADY Nicolas | Hoscheid |
| MULLER Ad. | Bofferdingen |
| PEITSCH Margerite | Lintgen |
| SCHEID Simone | Mersch |
| WIRTHOR Mathias | Blascheid |
| WIRTH Roger | Mersch |
| [illegible] | [illegible] |

Belgian War Press